Tëscheruff vum Luc Marteling

# Hänsel und Greta

Vum Luc Marteling (RTL.lu) | Update: 22.03.2019 10:17



De Luc Marteling aus der Internetekipp vun RTL.lu huet der Klimaaktivistin, déi esou vill Mënschen inspiréiert a fir anerer en absolut rout Duch ass, e Bréif geschriwwen - genee eng Woch nom grousse Klimastreik vun de Schüler an der Stad.

**Léift Greta,**

pardon fir déi vill, jo, wéi solle mer se qualifizéieren, soe mer einfach *onqualifizéiert* Reaktiounen, déi deng Aussoen, deng Optrëtter, deng Manifestatiounen, déi et jo och bis op Lëtzebuerg gepackt hunn, an de leschten Deeg ausgeléist hunn. Och zu Lëtzebuerg. *Petits esprits dans le Grand-Duché*, wier ee bal tentéiert ze soen ...

An et kéint ee soen, et wier gutt, datt s de kee Lëtzebuergesch verstees, esou kënns de laanscht déi sëlleche Kommentaren.

Ma grad dat wier falsch: Ech mengen nämlech, esou Kommentare si genee dat, wat s de wëlls. Well si ginn dir jo am Fong soss näischt ewéi Recht. Du wëlls jo onbequem sinn. Du wëlls kritiséieren. Wëlls, datt sech eppes ännert, datt sech eppes deet, datt et méi séier virugeet. An du duerfs dat och wëllen an och soen, genee sou wéi anerer eppes aneres wëllen a soen dierfen.

Ma all déi, déi dech kritiséieren, dacks mat engem Äifer, enger Wuertwiel, enger Gehässegkeet, déi ech beim beschte Wëllen net novollzéie kann, also déi, déi dech kritiséieren, ouni dech iwwerhaapt ze kennen, ouni mat dir geschwat ze hunn, sinn de beschte Beweis, datt s de richteg läis, datt s de en Nerv trëffs, datt de e wonne Punkt geroden hues.

Opfälleg ass, wéi seelen ee konkret Géigenargumenter héiert. Du géifs instrumentaliséiert a manipuléiert ginn, vun enger dubiéiser Lobby. Deng Eltere géife mam Klimawandel décke

Goss maachen. Deng Trajete wieren och net klimaneutral an däi vegaant Iessen a Plastik agepaakt. Mat dësen an änleche Remarke gouf och probéiert, d'Schüler op der Maniff de leschte Freideg ze diskreditéieren. Am Fong misst een iwwerall soen: Off Topic! Et sinn Niewenaspekter, Oflénkungsmanöveren, Blendgranaten ... oder einfach Ënnerstellungen, verbal Entgleisungen, eben onqualifizéiert Reaktiounen.

- Wéi mann verschidden erwuesse Leit dach mat Kritik ëmgoe kënnen.

- Wéi séier ee sech dach argumentativ an d'Bredouille manövréiert a sech mat Pseudoargumenter entlarvt.

- Wéi mann Respekt munch gestanen Zäitgenossen deene Jonken entgéintbréngen. Bon, spéitstens zanter der eendeiteger Äntwert op déi harmloost Fro am Referendum misst jo gewosst sinn, wéi grouss d'Skepsis géintiwwer den eegenen Nofolger ass ...

Firwat fält et villen esou schwéier, einfach ze begréissen, datt déi Jonk de Mond opdinn? Sech engagéieren? Soen, wat si wëllen? Wéi si liewe wëllen? A wat si net erliewe wëllen? Kann et eppes Besseres gi fir déi Al, wéi e kloert Mandat vun deene Jonken ze kréien?

Soss gouf sech iwwer Je-m'en-foutissem an Nullbockgeneratioun beschwéiert, lo ass ee genervt, well kritesch gekuckt a bewäert gëtt. Dobäi gëtt jo mol net a Fro gestallt, datt een et gutt gemengt hat, wéi een e Liewensstil opgebaut huet, deen de Planéit iwwerfuerdert. Just datt d'Excuse, mir woussten et eben net besser, haut net méi zielt.

Dofir, *léift Greta*, stellvertriedend fir all Sympathisanten, looss dech net irritéieren, net decouragéieren, net denigréieren. Klimawandelnegationiste wäert et ëmmer ginn, grad esou wéi Ëmweltapokalyptiker. Ma an all Mäerche gëtt et Gudder a Béiser. Dofir maach weider, well einfach näischt maachen, ass keng Optioun!

A fir *eis* Al gëllt: Mir si gefuerdert, Ausrieden hu mer keng méi ... Gutt gemaach, Greta & Co.!

**Mat beschte Gréiss vu Lëtzebuerg**